Concert à Écoute Accompagnée


# Rock- a Popband, Rockhal Mee 2010

*Ministère de l'Education Nationale*

Programm mat Iddien, fir de Concert an der Schoul opzeschaffen


**1. Fix U - *Coldplay***
▷ Klangfaarwen: An dësem Stéck setzen d'Instrumenter an d'Stëmmen noeneen an.
▶ Aner Stécker sichen, déi no deem Prinzip opgebaut sinn.

**2. Funhouse - *P!nk***
▷ "Baudeeler": E Musekstéck ass aus klengen Deeler zesummegesat, déi d'selwecht, ähnlech oder verschidde si kënnen.





▶ Den Opbau vum Song kopéieren. D'Kanner weise beim Lauschteren, wou ee grad drunn ass.
▶ Als Puzzle nees nei "komponéieren" (zesummesetzen).

**3. Jungle Drum - *Emiliana Torrini***
▷ Form: All Musekstéck huet eng Form, e Plang. An der Rock- a Popmusek ënnerscheede mer: Intro - Strophe (Verse) - Refrain (Chorus) - Zwëschendeel (Bridge) - Schluss (Outro).



▶ E bekannt Lidd mat enger Intro, enger Outro an enger Bridge oppeppen (z.B. Spriech-gesang, Rhythmus mat Kierperkläng)


**4. Alors on danse - *Stromae***
▷ Harmonie: An all Orchester deele sech d'Museker 3 Rollen op: Haaptstëmm (Melodie), harmonesch Begleedung, rhythmesch Begleedung.




▶ Musekstécker analyséieren an op der "Harmonie-Taart" androen, wéi en Instrument wéi eng Roll iwwerhëlt.

**5. Sweet Home Alabama - Lynyrd Skynyrd / All Summer Long - Kid Rock**
▷ Harmonie: Wann ee méi Téin zesumme spillt/séngt, muss ee sech un d'Regele vun der Harmonie halen, fir datt d'Téin zesummepassen (dt. Harmonik).
Bei dësem Song huet de Kid Rock d'harmonesch Begleedung vu Sweet Home Alabama geholl an eng aner Haaptstëmm drop komponéiert.
▶ Kanon resp. Quodlibet sangen (z.B. hannen am roude Gesangbuch)

**6. Relator - *Scarlett Johansson & Pete Yorn***
▷ Harmonie: 2-stëmmege Gesang mat paralleler resp. net paralleler Melodieféierung




▶ wéi bei 5.

**7. Like a Hobo - *Charlie Winston***
▷ Klangfaarwen: Unplugged (akustesch) versus elektresch (elektronesch) Instrumenter
▶ Unplugged Versioune vu Musekstécker deenen "elektresche" géigeniwwer stellen. (Fënnt een z.B. op *youtube.*)

**8. Pokerface - *Lady Gaga***
▷ Klangfaarwen: Haaptsächlech synthetesch "Sounden"
▶ http://nicksworldofsynthesizers.com/flashbeast.php,
http://lab.andre-michelle.com/tonematrix

**9. Smooth Criminal - *Michael Jackson / Alien Ant Farm***
▷ Melodie: Beim Covere (Nospille) vu Stécker däerf een näischt un der Melodie änneren, well déi d' "Erkennungsmerkmal" vun engem Musekstéck duerstellt. Un deenen anere Parameter däerfe Verännerunge gemaach ginn (Klangfaarwen, Rhythmus, Dynamik, Harmonie, Form).
▶ Sech mat der "Geschicht" vu Musekstécker befaassen: Wien huet et komponéiert? Wéi eng Versioune gëtt et dervun?

**10. 21 Guns - *Green Day***
▷ Spannung: Duerch verschidde Parameterverännerungen kann ee Spannung (tension) oder Entspaanung (release) an e Musekstéck erakomponéieren.

| | |
|---|---|
| Klangfaarwen | z.B. douce - aggressiv |
| Rhythmus | séier - lues |
| Harmonie | vill - wéineg Klangerzeuger |
| Dynamik | piano - forte |

▶ Zu engem x-beliebege Musekstéck eng Spannungskurv molen. Virdrunn awer d'Takte matzielen an d'Form festleeën, fir datt d'Proportioune stëmmen.

**11. Dance with Somebody - *Mando Diao***
▷ Déi visuell Effekter duerch d'Lightshow ënnerstëtzen an ënnersträichen déi musikalesch Parameter.

| | |
|---|---|
| Klangfaarwen | verschidde Faarwen |
| Rhythmus | séier - lues (Stroboscope) |
| Harmonie | vill - wéineg Luuchten |
| Dynamik | schwaach - hell (Dimmer) |
| Melodie | Bewegung (Moving Heads) |
| Form | Laser, |



▶ E faarwecht Bild zu engem Musekstéck molen: Entweder zu engem bestëmmten Deel vum Stéck oder als eng Aart "Leporello".

**12. 7 Nation Army - *White Stripes***
▷ Musek mécht Freed a verbënnt ... wa bal 400 Kanner zesumme sangen.

Denkt och un dës Linken:
**Thema Rockband, Instrumenter a.s.w.**
http://www.rockprojekt.de an http://www.online-clinics.de
**Spezialsäit zum Synthy**
http://home.snafu.de/sicpaul/tpf_syn0.htm - themen

http://www.youtube.com
http://www.wikipedia.de

Henri JUNCK
Mee 2010